N°2250
Entrée le 24.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Sport weiderzeleeden.**

Wéi an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 2110 confirméiert, huet de Sportminister op der Generalversammlung vum COSL den 29. Mäerz 2025 preziséiert, dass de Staat wäert Gebailechkeeten op der Cloche d'**Or** bei engem private Promoteur lounen, wou déi scho laang vum COSL gefuerdert néi Maison des sports soll hikommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wiem gehéiert aktuell den Terrain wou dës néi Gebailechkeete wäerten drop gebaut ginn?
2. Wien ass de private Promoteur deen dës Gebailechkeete wäert bauen?
3. Wéi vill m2 Fläch wäert dëse Bau insgesamt hunn?
4. Wéi vill m2 wäert de Staat an dëse Gebailechkeeten insgesamt lounen?
5. Wéi vill m2 wäerten am Ganze fir d'Maison des Sports do virgesi ginn?
6. Ënnert wat fir engem Budgetsartikel wäerten dës Fraise rëmzefanne sinn?
7. Ass geplangt, dass och nach aner Institutiounen nieft dem COSL an de Sportverbänn an deem Gebai wäerten ënnerkommen, esou wéi dat och och der Areler Strooss de Fall ass?
8. Mengen Informatiounen no huet den COSL scho säit Längerem eng Opstellung gemaach, wat alles an enger néier Maison des Sports vu Raimlechkeeten an Equipementer fir den COSL selwer a fir d'Verbänn wäert gebraucht ginn – sinn des Besoinen an der Planung vun den neie Raimlechkeete consideréiert ginn?
9. Wéini gëtt genau mam Bau vun der néier Maison des sports ugefaangen a wéini ass - Stand haut – virgesinn, dass souwuel den COSL **wéi** och d'Sportverbänn do definitiv anzéie kënnen?
10. Sinn an der néier Maison des Sports och Raimlechkeete fir den INAPS virgesinn, dee jo opgrond vu sengem Wuesstum net méi genuch Plaz um INS huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten